LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Entente des Gestionnaires
des Maisons de Jeunes

## Communiqué am Hibléck op dat zukünftegt Format vum Outreach Youth Work

**Public cible: Gestionnaire vun de Jugendhaiser, JugendaarbechterInnen, OutreacherInnen, Gemengeresponsabel**

Un all déi um Outreach Youth Work beschäftegt an interesséiert Persounekreesser,

Dir Dammen an Dir Hären,

An enger enker Kollaboratioun mat de jeeweilege Jugendhaiser huet den Outreach Youth Work sech entretemps als eng eegestänneg Form vu Jugendaarbecht ausgoend vum Jugendhaus am Lëtzebuerger Jugendsekteur etabléiert.

Op Basis vun de positiven Erfarungen, déi am Kader vun der Pilotphase vum Outreach Youth Work gemaacht gi sinn, gesinn sech de Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, an d'Entente des Gestionnaires des Maisons de Jeunes a.s.b.l. (EGMJ) encouragéiert, dëst Format vun Opsichender Jugendaarbecht op nationalem Niveau ze ënnerstëtzen a weiderzëentwéckelen.

Am Kader vun der nationaler Begleedung vum Outreach Youth Work huet de Service Jeunesse vum MENJE eng Restrukturéierungs-Phas zesumme mat der EGMJ lancéiert.

Heifir initiéiert de MENJE a Kooperatioun mat der EGMJ a reegelméissegen Ofstänn national Echangen, an deenen déi vum Outreach Youth Work cibléiert Acteuren d'Méiglechkeet hunn, sech auszetauschen an hir Besoinen ze expriméieren. D'Zil ass et, fir dorops hin Moossnamen ze implementéieren, déi den Acteuren eng Hëllefsstellung bidden.

D'Aufgabenopdeelung an d'Missioune vu MENJE an EGMJ wäerten no der Concertatiounsphas, déi bis Summer 2019 ageplangt ass, dem Jugendsekteur bekannt gemaach ginn.

Bis dohinner biede mir iech, är Froen, Wënsch a Virschléi am Hibléck op den Outreach Youth Work direkt un de MENJE ze riichten. D'EGMJ steet de Partner vum MENJE fir all ënnerstëtzend Aufgab zur Verfügung.

Nathalie Keipes
Conseiller de direction
Service de la Jeunesse du MENJE

Brigitte Ley
Presidentin
EGMJ a.s.b.l.